Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Jean Diddeleng

# 1 Verspriechensvéillee - d'Zebra Josephine kënnt bei d'Biber

## 1.1 Em wat geet et?

De Biber soll sech a senger Ëmwelt positionéiere kënnen. Hatt soll sech bewosst ginn, datt een net eleng ënnerwee ass an datt een op sech an den Ëmfeld oppasse soll/muss.

Dëst Verspriechen erklärt dat um Beispill vum Zebra Josephine, dat säi Wee op Lëtzebuerg fonnt huet. Hatt ass aus senger Heemecht ausgewandert a probéiert a sengem neie Doheem eens ze ginn.

## 1.2 Material

- Geschicht
- Feier
- Fändel mat der Fleur de Lis
- Eventuell eng Schneekegkeet – Marshmallows oder Schokonana

# 2 Geschicht

## 2.1 Ukommen zu Lëtzebuerg

D'Zebra Josephine huet sech virun e puer Wochen op de Wee gemaach, fir sech e neit Doheem ze sichen. Firwat? – ganz einfach: hatt wollt esou vill wéi méiglech vun der Welt gesinn.

Wéi d'Josephine aus dem Fliger geklomm ass, huet hatt sech fir d'éischt gutt ëmgekuckt. „Wow!", sot hatt. „Hei schéngt et schéin ze sinn. Hei bleiwe mer emol a kucke, wat een hei sou maache kann."

## 2.2 D'Ëmwelt respektéieren a propper halen

Vum Flughafen aus ass d'Josephine mam Tram bis an d'Stad gefuer. Hei huet hatt probéiert déi schéinsten Ecker vun der Stad ze fannen. Fir d'éischt ass hatt d'Kathedral kucke gaangen. Sou eng grouss Kierch hat d'Josephine nach ni gesinn. Duerno ass hatt weidergetréppelt bei d'Gëlle Fra. Eng risegrouss Statue, déi matten an der Stad steet. D'Josephine huet sech virun d'Gëlle Fra gestallt an déi Figur, déi op deem risegen Tuerm steet, vun uewen no ënne gekuckt. Wéi hatt mat den Aen ënnen ukomm ass, war hatt e bëssen erstaunt. Um Buedem loug eng eidel Tut Chips. „Oh", huet d'Josephine geduecht, „dee gehéiert awer net heihinn." Hatt huet den Tut opgehuewen an en an eng Poubelle geheit.

## 2.3 Hëllefsbereet sinn

Elo huet hatt sech weider op de Wee gemaach a Richtung Norden. D'Josephine wollt kucke, wat et am Éislek ze fannen ass. Um Wee huet hatt eng Kou Marianne mat hirem Kallef Pol gesinn. Virun der Marianne an dem Pol war eng Baach, iwwer déi si wéilten goen. De Pol huet sech awer net getraut duerch d'Baach ze trëppelen, well hie gefaart huet.

D'Josephine ass no bei komm a sot: „Komm, ech weisen dir de Wee, zesumme kréie mir dat hin." Mat hire staarke Been ass d'Josephine als éischt eriwwer gesprongen, huet sech duerno ëmgedréint a mam Pol gewaart. De Pol huet elo all säi Mutt zesummegeholl an ass der Josephine hannendru gaangen. De Pol an d'Marianne hu sech villmools bei der Josephine bedankt a si weidergaangen. D'Josephine war frou, datt de Pol sech getraut huet, iwwer d'Baach ze goen. D'Josephine huet gemierkt: „Hmm... engem aneren ze hëllefen, mécht ee selwer och frou."

## 2.4 Keen ausschléissen

No där Erfarung ass d'Josephine weider duerch d'Land gereest, bis bei d'Musel. Hei hunn e puer Villercher zesumme Spiller gemaach. E klengt, scheit Spatzenmeedchen, d'Béa, wollt och matspillen, mee d'Blomeesen hunn hatt net matspille gelooss.

D'Josephine huet sech bei de Grupp Spatze gestallt a gefrot, ob hatt dierft matspillen. D'Blomeesen hu gesot: „Nö, dat hei ass just e Spill fir eis, an du bass eleng. Hei spille mir ëmmer a Gruppe vun zwéi Déieren." D'Josephine huet gesot: „Wier et net vill méi cool, wa mir zesumme géifen spillen? Da kéint d'Béa och dobäi sinn! Komm Béa, spill mat mir a mat de Blomeesen." Zesummen hu si doropshin eng flott Partie Halligalli gespillt, an d'Béa huet sech endlech als Deel vun der Grupp gefillt. Josephine huet gemierkt: keen däerf ausgeschloss ginn, well zesummen ass et am schéinsten.

## 2.5 Fäin an oppe sinn

Duerno ass d'Josephine a Richtung Süden gezunn. Am Minett huet hatt de Fuus Martin begéint, deen éischter granzeg a schlecht gelaunt ausgesinn huet. Vill Déiere si him aus dem Wee gaangen. D'Josephine huet sech awer getraut, hien unzeschwätzen: „Moien, ech sinn d'Josephine, wéi geet et dir?"

De Fuus war iwwerrascht, datt iergendeen esou fäin mat him geschwat huet. „Salut Josephine", sot de Martin. „Ech sinn de Martin, wéi schéin, datt s du mir Moien gesot hues." Déi zwéin hu mateneen ugefaange schwätzen a sech géigesäiteg e puer Witzer erzielt. Josephine huet gemierkt: wann een zu anere fäin ass, da kritt een dacks e Laache zeréck.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

## 2.6 Dem Josephine säi Guiden- a Scoutsverspriechen

Schliisslech ass d'Josephine op Suessem komm. An engem Park huet hatt e Grupp vu Biber gesinn, déi am Krees stoungen. Si hu sech ganz seriö ugekuckt, wéi wa se grad eppes Wichteges géifen maachen.

„Salut! Ech sinn d'Josephine", huet d'Josephine geruff. „Wien sidd dir dann? A wat sinn dat fir cool Schaler, déi dir do hutt?" huet hatt gefrot.

De Biber Raoul huet geäntwert: „Moien Josephine, mir si Biber a mir maachen grad eist Guiden- a Scoutsverspriechen."

„Oh, dat kléngt spannend! Dierf ech dat och maachen?" huet d'Josephine gefrot.

D'Biber hu gelacht a gesot: „Natierlech dierfs de dat!"

„A wat muss ech dann elo maachen?" huet d'Josephine gefrot.

De Raoul huet geäntwert: „Am Guiden- a Scoutsverspriechen geet et drëms, datt een sech bewosst gëtt, wat et heescht, bei de Guiden a Scouten ze sinn. Als Biber wëll ech zum Beispill verspriechen, ëmmer fir mäi Brudder George do ze sinn, wann hie mech brauch. Ech wëll och verspriechen, esou gutt wéi méiglech op eis Natur opzepassen."

Een anere Biber, d'Nadine, huet dunn d'Josephine gefrot: „Wat wëlls du da verspriechen als Guide/Scout?"

D'Josephine ass e Moment roueg bliwwen a huet sech u seng Rees duerch Lëtzebuerg erënnert:

- wéi hatt de Dreck bei der Gëlle Fra opgeraumt hat,
- wéi hatt der Kou Pol gehollef hat,
- wéi hatt de Spatz Béa net ausgeschloss huet,
- wéi hatt fäin zum Fuus Martin war.

Du war d'Josephine sech sécher a sot mat grousser Iwwerzeegung: „Ech wëll verspriechen, datt ech meng Natur an Ëmgéigend propper halen. Ech wëll hëllefen, wann een mech brauch. Ech wëll keen ausschléissen. Ech wëll fäin sinn a gutt op meng nei Heemecht oppassen."

De Biberchef Tania huet der Josephine déi lénks Patt ginn a sot: „Josephine, ech soen dir villmools Merci fir däi Verspriechen bei de Guiden a Scouten. Mat dësem Guiden- a Scoutszeeche kriss du elo däi Biberbadge!"

An deem Moment huet d'Josephine gemierkt, datt hatt wierklech en neit Doheem zu Lëtzebuerg fonnt hat – bei Frënn, déi zesummen e Verspriechen halen, bei de Guiden a Scouten.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

# 3 No der Geschicht

- Wat hunn d'Biber aus der Geschicht matgeholl?
- Wien huet d'Josephine begéint?
- Wiem huet hatt wéi gehollef?
- Huet der Josephine dat eppes bruecht, wat hatt gemaach huet?

## 3.1 Wat wëll de Biber verspriechen?

- Wat ass iech wichteg?
- Wat wëllt dir verspriechen?
- Wourop wëllt dir oppassen?

# 4 Nom Verspriechen

D'Biber kënnen zesumme beim Feier sëtzen an eng Schokonana oder Marshmallows grillen (awer opgepasst, datt d'Verspriechen direkt agehale ginn hei ;-) ).

Zesummen däerf och nach ee Lidd gesonge ginn.

Bsp.: „Ee Scout, dat ass däi beschte Frënd..." – www.diddeleng.lgs.lu/lidderbuch-e-scout/



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG